



Eng Kavalkad.

E Fuosendssteckelche fir leschteg Jongen.

I. Akt.

(De Mètt an de Frèdd, de Will, de Mill an de Guill setzen an der Stuff ze spinnen. Sie hu grad mat Stecker Holz vum Uowen en he'gen Tûr op den Desch gerîcht; sie stin all em den Desch, strècken d'Hänn an d'Lûcht a sangen op d'Weis: Et wor emol e Kuob ...)

Hei, Jongen, klappt an d'Hänn, den Tûr ass opgerîcht,
Nu weit dervun ewèg a net mat Stêng gebîcht.
Hien ass wuol net ganz rîcht, a wibbelt och eng Gretz,
Mè kuckt, de Schoklatslénđecker setzt op der Spetz,
Traladirallala — Traladirallala.

(Sie huole sech mat den Hänn an danzen em den Desch, bis ên derwidder ste'sst an de ganze Boutique zesummentröllt.)

All: Hé, de Schoklatsmännchen! Hé! Hé! (Sie falen iwerenê, jidderê wöllt de Männchen hun. De Mètt krit en a sprengt an den Eck.)

Frèdd: Mir e Steck!

De' aner: Mir och! Mir och!

Mètt: Ro'eg, den ârme Mann huot Hals a Bê gebrach! Will, dat huos du um Gewössen!

Will: Hopp, lo get e giés!

Frèdd: Den Tour erem opgerîcht!

Mètt: Nên, èppes anesch. (Get gidferèngem e Steck.) Lôsse mer eng Kavalkad mâchen!

Guill: Eng Kavalkad! Wat ass dat?

Mètt: Wêss dén emol net wat eng Kavalkad ass! Da get sech verklêd, ganz droleg, an da komme mer zo' Pèrd oder zo' Fo'ss, all matenê an enger Rei, an da sangen a sprange mer ...

Frèdd: Ha! Ech si mat.

Mill: Ech och! Alleguor ...

Frèdd: Awer, we' mâche mir de' Kavalkad dann?

Mètt: Elo laft der alleguor hêm an da verklêd der iech.

Mill: Ech komme net verklêd iwer d'Strôss, d'Honn ke'men engem jo nogelaf.

Mètt: Ma da pâckt èrt Gezei an eng âl Zich a brengt alles an eise Schapp. Dann di mer eis do un an da komme mer hier an d'Stuff.

All: Ja, gutt eso'! Hopp.

Will: Guill, we' verklêds du dech?

Guill: O Jong, ech wêss et.

(Sie raumen d'Holz ewèg a sangen an èngems:)

Ech sin de Mètt

An ech de Frèdd, de Will

de Guill an ech de Mill,

Wat get dat fir e Jux, e Jux! O nondi Spill!

Mir sprangen an der Rei a sangen och derzo':

Dén ên dén huot keng Nuos, dén aner krit der zwo'.

Traladirallala, Traladirallala.

(Sie huolen sech erem mat den Hänn an danzen a sprangen.)

II. Akt.

(Et he'ert ên eng âl Harmonika jengen. De Mètt kent, huot eng blo Schipp un, e Föterhutt mat bréde Schöppen, d'Box vir mat de Streckelen zesumme gestreckt an e sengt sei Liddchen op d'Weis: Ich hatte einen Kameraden:)

Ech hat emol eng Tîtchen,

Mat elauter Firwetz dran;

Du ko'm dé klènge Frîtchen, .

An e maust mir meng fein Tîtchen,

Eist Lisi kreischt sech blann.

So, Lisi, wuorfir dann?

Frèdd: (kent eran an hölt of:) Et war jo gur neischt dran. (En huot en âle Schnöppel un, e ro't Nuosschnappech am Hals, eng âl Dunn op an e Pâck âl Praple'en um Réck. Sengt och sei Liddchen. Melodie: Gute Kamerad.)

Ech hat emol e Paraple',

E splenterneit, sche'nt Steck,

Dat war eng Fréd am Rén à Schne'

An ech an eise Jangele'

Mir haten ên drechene Reck

Mètt: Dat war e gro'sseg Gleck!

Frèdd: Mè, kuckt iech elo dat Steck!

Will: Mè, Mètti, sô mol fleck!

(De Will kent eran als Sche'erschleffer. Hien ass ganz verklêd an huot an enger Kannerkutsch e Schleifstênen fir d'Maschinenmesser ze schleifen, an der Seit huot e vill Sche'ren hänken. Hie sengt sei Liddchen op d'Weis: Ech sin den Doktor Eisebart:)

Eng Sche'er ass eng flott Affär, Widiwittbombom.
Ass sie gutt schneit, huot jiddré gér, Widiwittbombom.
Eng babblech Zong schneit nach me' be's
We' dausend Sche're! Wanns d'et we's!
Widiwittjuchheirassam ...

(De' aner zwe'n huolen of bei: Widiwittjuchheirassam.)

Mill: (kent eran als Lompekre'mer. Hien ass och verklêd, huot e Sâck mat Lompen an e Kuoref mat Telleren an der Seit. Sie sengt sei Liddchen och op d'Weis vum Doktor Eisenbart:)

Ech hu vill Lompen hei am Sâck,
Dir fand der och an èrer Tâk;
An 't lafen der vill op zwê Bêñ,
Mè, d'allersche'nst, de' wollt mol kên.

(Refrain ophuulen.)

Guill: (kent eran als Döpege'sser. Hien ass verklêd, fe'ert un der Hand eng Sto'sskar, de' he'ch voll geluoden ass mat âlen Emeren, Seibicken, so' he'ch, dass eng Parti erofrullt, wann en op d'Bün kent. Hie sengt sei Liddchen op d'Weis vun: Strassburg, o Strassburg, du wunderschöne Stadt:)

Mat Kesslen an Dèckle verdengen ech mei Geld,
An 't ass nach vill ze flécken an deser sche'ner Welt.
Al Lèfflen, daf Döper, de mân ech rem ganz nei,
Könnt ech och d'Leit verzönnen, da wär ech gur net hei.

(Refrain all.)

Mètt: Bravo, Jongen! Do get eng Kavalkad! Lôsse mer nach fir d'e'scht eng Ke'er kräftek lâchen!

All: (Lâchen hårt, an ê bekuckt dén aneren.) Hahahaha!!

Frèdd: Dajé, an d'Rei!

Will: Ja, we' gët dat dann elo?

Mètt: Lôsst mech kommande'ren! Den Döpgege'sser kent mat sengem Wôn un d'Spetzt.

Mill: Ech ka mei Parzeleinsboutique a mei Lempcsâck awer net weit schlêfen.

Mètt: Da wârt! Mir tèsslen de Kuorf mat den Tèlleran och op d'Sto'sskâr, an da klammen ech mat der Harmonika op de Bock. We' ass et, Döpgege'sser, packst du dat alles?

Mill: O jé! Ech ge'f nach drei mol me' Boutique packen.

Mèti: Et passt sech och, dass hannen e Wôn kent. Sche'erschleffer, du
mechs-de Schluss!

Will: Bong!

Mett: Dir zwe'n, Lompekre'mer a Prable'sfléckert, dir kommt an d'Mett.

Mill: Soll ech mei Prable' och opspanen?

Mètt: Mè natirlech!

Mill: De sonndessen oder de wèrtessen?

All: Alt allel zwé'n!

Mett: Dajé, an d'Rei! A jidderê singt sei Liddchen, da get dat fennef-stemmeg. 'T ass jo Euosend!

(So' get dann d'Kavalkad arrange'ert, awer dat get e Kome'di, wèll d'Harmonika gêt och; an, kaum amGång, werft den Döppenge'sser em, an de Parcelein doremer a Stecker — —

De Papp: (An der Dir.) Donnerwieder! (Schle't d'Hänn um Kapp zesummen.)

All: O jé! (A fort zur aner Dir aus, lëfs de net, dann hölt en dech. Hirt Geschir löessen se lejen.)

De Papp: (Kuckt sech de Musek un, reselt de Kapp a rifft:) Hé Mètt!
Mètt!

Mètt: (Kent ganz schei, nach hallef ugedon.)

Papp: (streng) Wat ass dat hei fir e Kome'di?

Mètt: Eng Kayalkad, Pann

Papp: Eng Kavalkad! Ma do musse jo Pèrd sin

Mètt: Mir ware sèlwer Pèrd

Papp: Et ka gutt sin! Mâch, dass de Musek ewèg kent. (Of we' e ko'm:

Mett: Gleich Pann gleich

(De Mètt rissft:) Ech sin de Mètt! Frèdd! Guill! Will! Mill! (Sie kommen all matené gesprungen a sangen):

Ech sin de Mètt

An ech de Frèdd, de Will

de Mill an ech de Guill!

Dat war iech mol e Jux, e Jux, o nondi Spill!

Mett: (elèng) Mè hätte mir de Krom erem op senger Plätz! Hei Jongen, ugepâckt, ewèll dat ass kê Spâss! —

